Fréiséng, den 9. Juli 2008

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
groupe parlementaire

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
09 JUIL. 2008
Q 2686

Här Lucien Weiler,
President vun der
Deputéiertechamber

*Här President,*

*Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:*

Mam Gesetz vum 27. Juni 2006 (dem sougenannten Tripartite-Gesetz) ass d'automatesch Upassung vun de Léin, Gehälter a Pensiounen un d'Präisentwécklung ofgeschaft an duerch Indexmodulatiounen ersat gin. Dem genannte Gesetz no, a well de Petrolspräis de Moment iwwer 63 Dollar pro Barrel läit, gëtt d'Indextranche déi den 1. Juli dëst Joer fällech gouff, eréischt den 1. März 2009 ausbezuelt. Dat ass dann déi lescht Indextranche déi dem Gesetz no ausbezuelt muss gin. Fir d'Zäit nom 1. März 2009 gëtt ët keng gesetzléch Basis méi.

De Präsident vum OGB-L huet während enger Pressekonferenz den 8. Juli gemengt datt den 1. Januar 2009 eng Indextranche fälléch kéint gin.

An dësëm Zesummenhang géiff éch gären vum Här Wirtschaftsminister wëssen:

1) Wéi gesinn de Moment d'Prévisioune vum Statec aus wat d'Erfaalen vun Indextranchen vun haut un bis den 31. Dezember 2010 ubelaangt?
2) Wëssend datt d'Entwécklung vun der Inflatioun suwuel vun der Entwécklung vum Petrolspräiss ewéi och vum Cours vum Euro ofhänkt, wéi verlässléch sin dës Prévisiounen?
3) Gin et firun dësem Hannergrond eventuell verschidden Szenarien wat d'Erfaale vun Indextranchen ubelaangt, a wa Jo wéi gesin déi Szenarien aus?

Mat déiwem Respekt

Gast Gibéryen
Deputéierten